LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 03 SEP. 2020

REÇU
Par Alff Christian , 15:17, 03/09/2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre de la Défense à la question parlementaire n°2632 de Monsieur le Député Marc GOERGEN au sujet de la campagne internationale pour abolir les armes nucléaires (ICAN).**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°2632 du 7 août 2020 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

2, place de Clairefontaine
L-1341 Luxembourg
Tél. : (00352) 2478-2100
Fax : (00352) 46 17 20
Adresse postale :
L-2910 Luxembourg
ministere.etat@me.etat.lu
www.gouvernement.lu

Gemeinsam Äntwert vum Här Premier- a Staatsminister, vum Här Aussen- an Europaminister a vum Här Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 2632 vum 7. August 2020 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Marc Goergen

D'Bombardementer mat Atomwaffe vun de japanesche Stied Hiroshima a Nagasaki de 6. an 9. August 1945 hunn der Mënschheet déi erschreckend Zerstéierungskraaft vun dëse Waffe virun Ae geféiert. Dat Leed wat den Asaz vun deene Waffe fir déi betraffe Mënsche mat sech bréngt ass onvirstellbar. Et ass och aus deem Gronn dass 1968 den Atomwaffesperrvertrag (oder Net-Verbreedungsvertrag, op englesch *Treaty on the Non-Proliferation of Nuclear Weapons*, NPT) ausgehandelt ginn ass, deen 1970 a Kraaft getrueden ass.

D'Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt d'Zil vun enger Welt ouni Atomwaffen. De Premierminister huet dëst Engagement vun der Regierung a senger Ried wärend der „Hiroshima Peace Memorial Ceremony" de 6. August dëst Joer bestätegt.

Lëtzebuerg huet den NPT ënnerschriwwen a ratifizéiert. Dësen Traité ass säit 50 Joer den Haaptpilier vun der globaler Architektur fir d'Ofrëschtung an d'Net-Verbreedung vu Massevernichtungswaffen. Den NPT ass quasi-universell unerkannt (nëmme véier Staaten weltwäit sinn net Deel vum NPT) a seng Ëmsetzung gëtt iwwerwaacht duerch d'International Agence fir Atomenergie (IAEA). Dëse staarken institutionelle Kader ass néierens soss virzefannen an huet d'Ofrëschtung vun Dausende vun nukleare Sprengkäpp an de leschte Jore mat bewierkt. Aus dëse Grënn ass den NPT aus Lëtzebuerger Siicht onëmgänglech an déi bescht Chance fir eng zukünfteg Welt ouni Atomwaffen.

Wärend d'Lëtzebuerger Regierung d'Zil vun enger Welt ouni Atomwaffe vun der „International Campaign to Abolish Nuclear Weapons (ICAN)" ënnerstëtzt, sou ass e grousse Manko vum Atomwaffeverbuetsvertrag (op englesch *Treaty on the prohibition of nuclear weapons*) dass keen eenzegen offiziellen Nuklearwaffestaat bei senger Adoptioun an der UNO-Generalversammlung fir den Traité gestëmmt huet. Dat ass e groussen Ënnerscheed zum NPT a léisst grouss Zweiwel opkommen iwwert d'Effikassitéit vum Atomwaffeverbuetsvertrag. Et besteet weiderhin de Risiko, dass den Atomwaffeverbuetsvertrag den Acquis vum Atomwaffesperrvertrag ënnergrueft an eng juristesch Onsécherheet um internationalen Niveau schaaft. Dobäi kënnt schlussendlech, dass den Atomwaffeverbuetsvertrag riskéiert, déi entgéint gesate Positioune weider ze verhäerten tëschent deene Länner, déi Atomwaffen hunn, an deene Länner, déi strikt dogéint sinn.